



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 17. November 2020

REÇU
Par Aiff Christian, 13:19, 17/11/2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro zu enger Reform bezüglech der Besetzung vum „Commissaire de gouvernement à l'éducation physique et aux sports“ un den Här Sportminister weider ze leeden.

De Schoulsport, vum Précoce bis zum Schoulofschloss am Lycée, ass extrem wichteg fir d'Entwécklung an d'Gesondheet vun de Kanner a Jugendlecher. Aus engem rezenten Artikel vum Tageblatt geet ervir, dass am Sportsministère un engem Gesetzesentwurf geschafft gouf, wouduerch de vakante Poste vum "Commissaire de gouvernement à l'éducation physique et aux sports" den Zousaz „éducation physique“ verléiere soll, wat net nëmmen eng ganz Rei Deputéierte mee och all ausgebildete Sportsproff erstaunt. Wann mir de Gesetzesentwurf richteg interpretéieren, brauch den héchste Beamten am Sportsministère an Zukunft weder Erfahrung (zum Beispill 15 Joer am Staatsdénsgsch wéi bis elo), nach eng spezifesch Ausbildung (Sportpädagogik, Didaktik/Methodik, Sportmedizin, Anatomie, Bewegungswëssenschaft, asw.) méi. Op sou engem Poste sinn des Kompetenzen an Erfarungen awer indispensabel. Vue dass de Sportskommissär sämtlech Beräicher an der Sportpolitik koordinéiert, kontrolléiert an de Sportsministère och beréit, biergen des nei Vergabekrittären d'Gefor, dass de Sportskommissär zu engem politesche Posten ëmfunktionéiert gëtt an doduerch déi néideg politesch Distanz an Onofhängegkeet fir d'Ausübe vu sengen Aufgabe verléiert.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Firwat wëll de Sportminister op d'Kompetenzen an d'Erfarunge vun engem Sportsproff op dësem Poste verzichten?
- Firwat gëtt beim Choix fir den "Commissaire de gouvernement à l'éducation physique et aux sports" net op d'Meenung vun der APEP, LASEP, LASEL, COSL, asw. gelauschert?
- Stëmmt et dass och de Poste vun enger Direktesch/Direkter vun der ENEPS (Ecole Nationale de l'Education Physique et des Sports) op dës nei Aart a Weis rausgesicht a nominéiert soll ginn?
- Verzicht de Sportminister op déi pedagogesch Erfarungen an der "Commission d'analyse critique" vum Travaux publics?
- Gëtt domadder d'Sportkonzept vum COSL, wou de Schoulsport ee wichtege Deel anhëlt, net ofgewäert?
- De Schoulsport dréit och zum Projet LTAD (Long Term Athlete Development) bäi. Gëtt dës Projéit duerch dës Mangel u Kompetenzen an Erfarungen am Schoulsport net a Fro gestallt?

Här President mir bieten Iech onsen déifste Respekt unzehuelen.



Nancy Arendt ép Kemp
Deputéierten



Georges Mischo
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

Le Ministre

Luxembourg, le 7 janvier 2021

REÇU

Par Aff Christian , 12:41, 07/01/2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n° 3153 des honorables Députés Madame Nancy Arendt épouse Kemp et Monsieur Georges Mischo au sujet de la fonction de commissaire du gouvernement à l'éducation physique et aux sports

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse à la question parlementaire n°3153.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch

Réponse de Monsieur le Ministre des Sports à la question parlementaire n° 3153 des honorables Députés Madame Nancy Arendt épouse Kemp et Monsieur Georges Mischo au sujet de la fonction de commissaire du gouvernement à l'éducation physique et aux sports.

Den 18. November 2020 ass d'Gesetzesvirlag N°7708 mam Titel "Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 novembre 1988 portant organisation de la structure administrative de l'éducation physique et des sports" an der Chamber deponéiert ginn. Den 23. November 2020 ass dës Virlag da vum Chamberspräsident un déi zoustänneg Chamberskommissioun an absëns der Gesondheets- a Sportskommissioun weidergeleet ginn.

An dëser Gesetzesvirlag geet et, niewent villen anere Bestëmmungen, och ëm d'Funktione vum Sportskommissär a vum Direkter vun der ENEPS.

Et ass jo elo net Usus, datt iwwer eng parlamentaresch Fro, d'Aarbechte vun der zoustänneger Chamberskommissioun antizipéiert ginn, dem Chambersreglement no, ass dëst eng Attributioun vun der zoustänneger Chamberskommissioun an där déi zwee Frosteller jo och selwer Member sinn.

Ech wëll allerdéngs den honorabelen Deputéierten elo schonn op verschidde Froen eng Äntwert ginn, fir datt och dono an der Chamberskommissioun d'Aarbechte vläicht méi schnell an effikass kënne virukommen.

Op d'Fro firwat de Sportsminister an Zukunft op d'Kompetenz an d'Erfarunge vun engem Sportsproff um Poste vum Sportskommissär verzichte wëll, muss ech den honorabelen Deputéierten äntweren, datt säit dem Akraafttriede vum Gesetz vun 1988, déi Spezialreferenz, datt de Poste vum Kommissär och ka vun engem Sportsproff besat ginn, ewechgefall ass. Ewéi een aus dem "Commentaire des articles" erausliese kann, ass deemools fonnt ginn, datt dëst net justifiéiert wär, well esou eng Dispositioun säit der Harmoniséierung vun de Klassementer (groussherzoglecht Reglement vum 24. Juli 1972) jo souguer diskriminatoresch wär. Deen elo proposéierten Text léisst, esou wéi dat och am Gesetz vun 1988 de Fall war, awer nach ëmmer duerch d'Méiglechkeet op, de Poste mat engem Sportsproff ze besetzen. Et ass also net richtig ze behaupten, datt duerch dës Gesetzesännerung d'Konditioun e Sportsproff mussen ze si fir kënne Sportskommissär ze ginn, ofgeschafft géif ginn.

Dem Artikel 10 vum groussherzogleche Reglement vum 10. Abrëll 1978 no, muss den Daachverband vum privatorganisierter Sport zu Lëtzebuerg, spréich, de COSL, zu all Gesetzes- oder Reglementsverlag ëm säin Avis gefrot ginn.

An dësem konkrete Fall ass dëst schonn den 2. November 2020 geschitt, et ënnerläit dann dem COSL, seng zoustänneg Gremien domadder ze saiséiere fir en Avis z'erstellen. Op Nofro beim COSL hin, ass dëst dann och an d'Prozedur u säi Conseil consultatif gaange fir den Avis z'erstellen. Deemno mécht et kee Sënn, nach aner, dem COSL ënnergeuerdent Gremien, ëm hiren Avis ze froen. Den Avis vum COSL vum 16. Dezember 2020 zu der entsprecherender Gesetzesverlag, ass dann och schonn un d'Chamber weidergeleet ginn.

Wat de Poste vum Direkter vun der ENEPS ubelaangt, muss dat haut e Sportsproff sinn deen an der ENEPS Coursen hält. Hei soll elo, duerch eng Formulatioun, déi och esou bei aner, similaire Funktiounen beim Staat besteet, d'Zuel vun de potentielle Kandidaten méi grouss kënnen gemaach ginn. Dës nei Formulatioun schléisst och eng eventuell Nominatioun vun engem Sportsproff aus der ENEPS oder vu baussen, spréich engem Lycée zum Beispill, net aus. Fir de Rescht verweisen ech op den "Exposé des motifs" an den "Commentaire des articles" vun der Gesetzesverlag N°7708.

D'Commission d'analyse critique (CAC) ass e konsultatiivt Organ dat dem Minister fir ëffentlech Aarbechten ënnersteet, mat der Missioun, eng Analys vum staatleche Konstruktionsprogramm och an Hisiicht vun den Investissementskäschten ze formuléieren. De Sportsministère hat do eigentlech ni e permanente Vertrieeder, en revanche kann de Vertrieeder vum Sportsministère mat bäigezu gi wann et ëm staatlech Sportsinfrastrukture geet, wat des Ëfteren dann och Schoulinfrastrukture si wou och d'Vertrieeder vum Educatiounsministère mat um Dësch setzen, an domat de pedagogesche Volet an der CAC gutt vertrueden ass.

Wat elo konkret de Schoulsport ubelaangt, esou ass d'Regierung sech der Wichtigkeet vum Schoulsport duerchaus bewusst, an net zulescht och dowéinst ass de Schoulsport, wann och a beschränkter Form, bedéngt duerch déi aktuell sanitär Situatioun, weiderhin oprecht erhale ginn. Hei hunn och d'Sportsproffen, duerch d'Ausschaffe vun adaptéierter Konzepter, ee wäertvolle Bäitrag geleescht.

Doriwwer eraus sief dann och op dëser Plaz präziséiert, datt de Schoulsport u sech ënnert d'Kompetenz vum Schoulminister fällt an ech erlabe mir do generell op d'Schoulgesetzgebung hinweisen, mee awer och da besonnesch den Artikel 4 vum ofgeännerte Sportsgesetz vum 3. August 2005 ze zitéieren: "Le ministre ayant dans ses attributions l'Éducation nationale établit le volume et le contenu de l'enseignement par des activités motrices et de l'éducation sportive dans le cadre des horaires et programmes".

De Schoulsport ass doriwwer eraus e wichtege Bestanddeel vum LTAD-Projet, dee vun de Spezialiste vun der ENEPS, de Leit vum Terrain, spréich vun de Federatiounen an de Verrieder vum COSL, opgestallt gouf an deemnächst wäert der grousser Ëffentlechkeet presentéiert ginn. All dës Iwwerleeunge weisen, datt weeder de Schoulsport nach d'Sportkonzept vum COSL aus dem Joer 2014 ofgewäert, mee, au contraire, an d'Praxis ëmgesat wäerte ginn.